

Séance publique du 19 novembre 2019

Gemeinderatssitzung vom 19. November 2019

Présents

Bourgmestre
Mme Edith Jeitz

Échevins
M. Willy Hoffmann, Mme Henriette Weber-Garson

Conseillers
MM. Nicolas Vesque, Tommy Urbing, David Arlé,
Alain Fil, Marco Bermes

Secrétaire communal
Christophe Bastos

Absences excusées

Michel Majerus, conseiller

Presse

Néant

Auditeurs

Néant

Anwesend

Bürgermeisterin
Mme Edith Jeitz

Schöffen
M. Willy Hoffmann, Mme Henriette Weber-Garson

Räte
MM. Nicolas Vesque, Tommy Urbing, David Arlé,
Alain Fil, Marco Bermes

Gemeindesekretär
Christophe Bastos

Abwesend entschuldigt

Michel Majerus, Rat

Presse

Keiner

Zuhörer

Keiner

Tous les points sont approuvés à l'unanimité
des voix, sauf le point 1

Début de la séance à 9:00 heures

Ordre du jour

Séance à huis clos :

Commissions consultatives

1. Remplacement d'un membre de la commission
des bâtisses et de l'aménagement communal
2. Commission scolaire : composition des membres

Séance publique :

Administration générale

3. Approbation d'une convention PAP –
« Rue de Berdorf II » à Consdorf
4. Approbation de titres de recette 2019
5. Fixation du prix de vente du bois de chauffage

Syndicats & associations

6. Approbation du budget rectifié 2019 et du budget
2020 de l'Office Social Régional de Beaufort

Questions des membres du conseil communal

Questions des membres du conseil communal
au collègue des bourgmestre et échevins

Alle Punkte wurden einstimmig angenommen,
mit Ausnahme von Punkt 1

Anfang der Sitzung 9:00 Uhr

Tagesordnung

Geschlossene Sitzung :

Beratende Kommissionen

1. Ersatz eines Mitglieds der Bautenkommission
2. Schulkommission : Zusammensetzung
der Mitglieder

Öffentliche Sitzung :

Allgemeine Verwaltung

3. Genehmigung einer Konvention PAP –
„Rue de Berdorf II“ in Consdorf
4. Genehmigung der Einnahmeerklärung 2019
5. Festlegung des Verkaufspreises vom Brennholz

Syndikate & Vereine

6. Genehmigung des berichtigten Haushalts
2019 und des Haushalts 2020 des Regionalen
Sozialamts Beaufort

Fragen der Mitglieder des Gemeinderats

Fragen der Mitglieder des Gemeinderats
an das Schöffenkollegium

Séance à huis clos

1. Remplacement d'un membre de la commission des bâtisses et de l'aménagement communal

Le conseil communal décide de procéder au remplacement
de Madame Josiane Tibesart-Bassing, démissionnaire, par
Madame Nadia Mangen en tant que membre de la
commission des bâtisses et de l'aménagement communal.

Geschlossene Sitzung

1. Ersatz eines Mitglieds der Bautenkommission

Der Gemeinderat beschließt, die zurückgetretene
Frau Josiane Tibesart-Bassing durch Frau Nadia Mangen
als Mitglied der Bautenkommission zu ersetzen.

Gemengen- a Schäfferot

2. Commission scolaire : composition des membres

Suite aux élections des représentants des parents d'élèves, le conseil communal décide que la composition de la commission scolaire est la suivante :

- Présidente :
Henriette Weber-Garson
Christophe Bastos (secrétaire)
- Membres nommés par le conseil communal :
Alibert-Maillard Laure, Arlé David, Herschbach Chantal et Urbing Tommy
- 2 membres représentants du personnel des écoles
- 2 membres représentants des parents d'élèves fréquentant une école de la commune

Séance publique

3. Approbation d'une convention PAP – « Rue de Berdorf II » à Consdorf

Le conseil communal, décide d'approuver la convention, signée en date du 29 octobre 2019 entre notre collègue des bourgmestre et échevins et Madame Chantal Meyer, Monsieur Paul Feller et Monsieur Sebastien Kohl, concernant les modalités à observer par les parties lors de l'exécution du Plan d'Aménagement Particulier «Route de Berdorf II» à Consdorf.

4. Approbation de titres de recette 2019

Le conseil communal décide d'arrêter les titres de recettes de l'exercice 2019, relevés ci-dessous :

2/112/748310/9901	Remboursement par le fonds pour dépenses communales : Elections et référendum / Erstattung der Gemeindeausgaben durch den Fonds: Wahlen und Referenden	3.660,08 €
2/120/748380/99001	Autres remboursements / Andere Erstattungen	100,00 €
2/120/744400/99002	Subventions destinées à promouvoir l'emploi : Salarié handicapé / Zuschuss zur Förderung der Beschäftigung : Arbeitnehmer mit Behinderungen	5.800,07 €
2/120/748391/99001	TVA remboursée par l'administration de l'Enregistrement et des Domaines / Rückerstattete Mehrwertsteuer	6.408,17 €
2/170/707120/99001	Impôt commercial / Gewerbesteuer	4.000,00 €
2/170/744560/99001	Fonds de dotation globale des communes (FDG) / Globaler Fonds für Gemeinden (FDG)	796.722,00 €
2/180/755220/99001	Intérêts sur compte à terme / Zinsen auf Terminkonto	7,44 €
2/492/707250/99002	Taxes de chancellerie : jeux et amusements publics / Kanzleisteuern : Spiele und öffentliche Vergnügungen	15,00 €
2/910/748800/99001	Remboursements des frais avancés pour matériel scolaire / Erstattung von Vorschusskosten für Schulmaterial	1.336,46 €
1/520/169100/99001	Taxes de raccordements / Anschlussgebühren	4.567,50 €
1/630/169222/99001	Taxe d'équipement collectif / Kollektive Gerätesteuern	15.000,00 €
2/120/707250/99002	Taxes de chancellerie / Kanzleisteuern	42,00 €
2/120/707250/99003	Taxes de chancellerie – autres / Kanzleisteuern – Andere	400,00 €
2/120/748800/99002	Autres produits d'exploitation divers / Sonstige betriebliche Erträge	81,00 €
2/170/707140/99001	Taxe sur les chiens / Hundesteuer	40,00 €
2/223/706060/99001	Ventes de repas sur roues / Verkauf von Essen auf Rädern	4.161,50 €

2. Schulkommission : Zusammensetzung der Mitglieder

Nach den Wahlen der Elternvertreter, beschliesst der Gemeinderat die Zusammensetzung der Schulbehörde wie folgt :

- Präsidentin
Henriette Weber-Garson
Christophe Bastos (Sekretär)
- Vom Gemeinderat gestimmte Mitglieder :
Alibert-Maillard Laure, Arlé David, Herschbach Chantal et Urbing Tommy
- 2 Mitglieder als Vertreter des Schulpersonals
- 2 Mitglieder als Elternvertreter, von Schülern, die eine Schule in der Gemeinde besuchen

Öffentliche Sitzung

3. Genehmigung einer Konvention PAP – „Rue de Berdorf II“ in Consdorf

Der Gemeinderat beschließt, die Konvention, unterschrieben am 29. Oktober 2019 zwischen unserem Schöffenkollegium und Frau Chantal Meyer, Herrn Paul Feller und Herrn Sebastien Kohl, betreffend die von den Parteien bei der Durchführung des Teilbebauungsplans „Route de Berdorf II“ in Consdorf einzuhaltenden Verfahren zu genehmigen.

4. Genehmigung der Einnahmeerklärung 2019

Der Gemeinderat beschließt, die nachstehend aufgeführten Einnahmetitel für das Geschäftsjahr 2019 zu übernehmen :

Gemengen- a Schäfferot

2/411/708211/99001	Fermage / location de terres agricoles / Verpachtung von Ackerfläche	6,50€
2/412/702200/99002	Vente de particules de bois et d'écorce « Mulch » / Verkauf von Rindenmulch	142,50€
2/412/702200/99003	Vente de bois de chauffage / Verkauf von Brennholz	14.507,64€
2/492/707250/99002	Taxes de chancellerie : jeux et amusements publics / Kanzleisteuern : Spiele und öffentliche Vergnügungen	115,00€
2/510/705100/99001	Ventes de poubelles et sacs-poubelle / Verkauf von Mülltonnen und Müllsäcken	70,00€
2/590/708211/99001	Location des parcelles du Jardin collectif « Hogaarden » / Vermietung von Parzellen vom Gemeinschaftsgarten „Hogaarden“	580,00€
2/810/708212/99001	Location bâtiment pour antenne « Tango » / Vermietung des Gebäudes für die Antenne „Tango“	5.384,32€
2/831/706080/99001	Recettes liées aux activités des centres culturels / Einnahmen im Zusammenhang mit den Aktivitäten von Kulturzentren	8,00€
2/831/708213/99001	Location des salles / Vermietung von Räumlichkeiten	1.060,00€
2/910/744612/99001	Minerval scolaire / Schulgebühren	3.200,00€
2/411/708211/99001	Fermage – location de terres agricoles / Verpachtung von Ackerfläche	1,48€
2/120/707250/99003	Taxes de chancellerie – Autres / Kanzleisteuern – Andere	155,00€
2/170/707110/99001	Impôt foncier / Immobiliensteuer	67.476,10€
Total		935.047,80€

5. Fixation du prix de vente du bois de chauffage

Entendu la proposition du collège des bourgmestre et échevins, faite sur avis du préposé forestier concernant les prix et conditions, le conseil communal décide de fixer les prix de vente du bois de chauffage suivants :

5. Festlegung des Verkaufspreises vom Brennholz

Nach Anhörung des Vorschlags des Schöffenkollégiums, auf Anraten des Forstbeamten bezüglich der Preise und Bedingungen, beschließt der Gemeinderat, die Verkaufspreise für das Brennholz wie folgt festzusetzen :

Coupé à la longueur d'un mètre dans la forêt et empilé le long du chemin forestier / Geschnitten auf einen Meter Länge und entlang des Waldweges gestapelt	60€ / stère (bois frais) (TTC) / 60€ / Ster (Frischholz) (TTC)
Coupé en 50 cm avec livraison * / Auf 50 cm zugeschnitten, mit Lieferung *	80€ / stère (TTC) / 80€ / Ster (Frischholz) (TTC)
Coupé en 33 cm avec livraison * / Auf 33 cm zugeschnitten, mit Lieferung *	85€ / stère (TTC) / 85€ / Ster (Frischholz) (TTC)
Coupé en 25 cm avec livraison * / Auf 25 cm zugeschnitten, mit Lieferung *	90€ / stère (TTC) / 90€ / Ster (Frischholz) (TTC)

* Le bois est livré à domicile (au trottoir), mais n'est pas empilé. / * Das Holz wird geliefert (auf den Gehweg), wird aber nicht gestapelt.

6. Approbation du budget rectifié 2019 et du budget 2020 de l'Office Social Régional de Beaufort

Considérant que la participation de la commune de Consdorf se chiffre à 60.683,73€ pour l'exercice 2019 et 67.319,30€ pour l'exercice 2020, le conseil communal décide d'approuver le budget rectifié 2019 et le budget de l'exercice 2020 de l'Office Social Régional de Beaufort.

6. Genehmigung des berichtigten Haushalts 2019 und des Haushalts 2020 des Regionalen Sozialamts Beaufort

In der Erwägung, dass sich die Beteiligung der Gemeinde Consdorf für das Haushaltsjahr 2019 auf 60.683,73€ und für das Haushaltsjahr 2020 auf 67.319,30€ beläuft, beschließt der Gemeinderat das berichtigte Budget 2019 und das Budget 2020 für das regionale Sozialamt Beaufort zu genehmigen.

7. Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins

Lors de la dernière séance du conseil communal en date du 8 octobre 2019, Madame la bourgmestre Edith Jeitz a informé que les réponses écrites seront remises aux conseillers Arlé et Bermes, conformément au règlement d'ordre intérieur du conseil communal. Ces réponses seront présentées lors de la prochaine séance du conseil communal et publiées au « Gemengebuet ».

7. Fragen der Mitglieder des Gemeinderats an das Schöffenkollégium

In der letzten Sitzung des Gemeinderats am 8. Oktober 2019, teilte die Bürgermeisterin Edith Jeitz mit, dass die schriftlichen Antworten, gemäß den internen Vorschriften des Gemeinderats, an die Stadträte Arlé und Bermes gehen werden. Diese Antworten werden in der nächsten Gemeinderatssitzung vorgetragen und im „Gemengebuet“ veröffentlicht.

Gemengen- a Schäfferot

Questions écrites remises au collège des bourgmestre et échevins au moins 3 jours avant la séance du conseil communal du 8 octobre 2019

Le conseiller David Arlé a introduit les questions suivantes au moins 3 jours avant la séance du conseil communal. Le collège des bourgmestre et échevins présente ci-dessous ces réponses par écrit.

Schriftliche Anfragen an das Schöffenkollegium mindestens 3 Tage vor der Gemeinderatssitzung vom 8. Oktober 2019

Rat David Arlé stellte mindestens drei Tage vor der Sitzung des Gemeinderats folgende Fragen, das Schöffenkollegium formuliert nachfolgend schriftlich seine Antworten.

1. An enger leschter Fro, krut ech vum Schäfferot gesot dass ons Spillplaze vu Luxcontrol kontrolléiert ginn:
 - Wéini war déi lescht Kontroll?
 - Kann een dovunner eng Kopie kréien?
 - Kann de Schäfferot dem Service Technique matdeelen, dass op der Spillplaz op der Gare Schrauwe vu 6-7 cm erauskucken? (op der Tirolène)

° Schäfferot:

Den techneschen Déngscht ass am gaangen d'Spillplazen z'iwwerpréiwen a Reparaturen di néideg sinn ze maachen. Duerno gëtt e Rendezvous mat Luxcontrol ugefrot.

Soubal mir de Bericht hunn ass et méiglech eng Kopie ze kréien.

De 4.10.2019 sinn di 2 Brieder di futti waren ersat a korrekt mat Schrauwe festgemaach ginn.

2. Wier et net ubruecht e puer „rout“ Deviatounsschëlter ze bestelle mat den Nimm vun den Uertschaften? Dëst wier vill méi iwwersiichtlech, wéi A4-Pabeier.

° Schäfferot:

D'Deviatoun op der lechternacherstrooss ass deemnächst fäerdeg. Duerno gëtt d'Lëtzebuergerstrooss komplett gespaart. Deviatounsschëlter sinn do, an et muss mat A4 oder A3 – Pabeier geschafft ginn well den Accès bei d'Geschäftsleit sech während dem Chantier permanent ännert.

Remarques du conseiller Arlé lors de la séance du 19/11/2019 / Bemerkungen von Rat Arlé während der Sitzung am 19.11.2019: De Conseiller fënnt, dass d'Fro net richtig beäntwert ass. Et soll vermidde ginn, dass Deviatounsschëlter gesat ginn, déi an 2 Richtunge weisen, wéi dat am Rond-Point de Fall ass. Et soll ee besser Deviatounsschëlter kafen, wourop d'Uertschaften ugewise sinn an eventuell Schëlter mat der Bezeichnung „Commerces“. De Leit soll een un d'Häerz leeë keng Schëlter selwer opzeiichten, well dat geféierlech fir de Verkéier ass.

3. Firwat ass keng riets Virfaart vun der Rue du Mur op den Huelewee?

° Schäfferot:

De Schäfferot huet zesumme mam Service technique d'Verkéisreglement iwwerpréift a festgestallt datt an der rue du Mur/Huelewee Rietsvirfaart muss sinn, well di Stroossen sech an der 30er Zone befannen. Dëst gëtt dem Reglement ugepasst.

4. Geet de Schäfferot op de Wee fir een neit Parking-Reglement auszeschaffen? Parking Huelewee ass eng schwéier Situatioun. Vill Leit déi do wunnen hu keng Garage, a kënnen hiren Auto net do parken, well dëse mat Remorquen a Camionnettë voll geparkt ass. Dëst ass ee realen akute Problem.

° Schäfferot:

Am „Règlement de circulation“, wat och parke reglementéiert, ass festgehalten, datt Autoen op dem Parking net méi wéi 48 Stonnen duerfe stoen.

De Schäfferot wëll zesumme mat der Wegekommissioun an enger Aarbechtssëtzung dat Reglement iwwerschaffen.

5. Ass de Schäfferot bereet, am Budget 2020, eng „Machbarkeits-Etude“ ze plangen en Vue vun enger neier Schoul? Iwwert d'Resultat vun dëser Etude, wier et wesentlech méi einfach ze plangen, op een eventuell Terrainen muss kafen oder net.

° Schäfferot:

Am Gemengerot vum 11.07.19 war d'Fro iwwert eng nei Schoul folgend beäntwert ginn:

Fro 3 Bermes den 11.07.19:

Gëtt et e konkrete Projet iwwert en neit Schoulgebai a, wa jo, wou a fir wéini ass dat geplangt?

Äntwert: En neit Schoulgebai gëtt mam Gemengerot zesummen an offiziellen Aarbechtssëtzunge geplangt. Fréistens Enn 2020 fänke mir un mat iech zesummen ze plangen.

Fro 1 Urbing den 11.07.19:

Wéi wäit ass de Projet Nei Schoul? Büro d'Étude, Ministère, méiglechen Terrain?

Wann nach näischt ënnerholl ginn ass, wéi wëlle mir Plaz a Qualitéit fir déi nächst Jore fir eis Primärschoulkanner garantéieren, wou ee mat all deenen neien Haiser an Appartementer déi an der Maach si mat engem enormen Zouwuess vu Kanner muss rechnen?

Äntwert: Dës Fro ass schonns beäntwert ginn (Bermes Fro 3)

Wéi schonns matgedeelt fänke mir Enn 2020 un, am Dossier nei Schoul ze schaffen. Éischt Gespréicher betreffend Terrain fir eng nei Schoul, si schonns mam Schäfferot an Propriétaire gefouert ginn. Wa mir méi Detailler an eng konkret Äntwert hunn deele mir dat de Conseillere mat.

6. Kéint de Schäfferot ons e Point zu de Projeten 2019 maachen déi am leschte Budget gestëmmt gi sinn. Wou si mer drun? Z. B.: Barrière Tipp, Busarrêt Scheedgen, etc...

Gemengen- a Schäfferot

© Schäfferot:

Hei eng Auswiel vun de wichtigste Projeten:

Aménagement de l'entrepôt communal: Mir waarden op de Retour vum Ministère de l'Environnement, soss sinn all Geneemegungen do, duerno kënnen d'Aarbechten ufänken.

Transformation Camping Burgkapp: D'Elektresch Zouleitung beim Restaurant um Camping ass ofgeschloss. D'Aarbechte Réceptioun a Restaurant sinn ofgeschloss. Den SIT ass mam Decompte am Gaang.

Étude concernant l'aménagement de la Rue Kuelscheier à Consdorf: Daedalus huet éischt Pläng preparéiert, a gi mam Schäfferot duerchgekuckt. D'Étude fir 2020 ass virgesinn.

Construction d'arrêts de bus Scheidgen/Breidweiler/ Müllerthal: Bureau Schroeder huet Pläng fäerdeg an den Dossier ass an Exekutioun.

Stabilisation de la voirie vers Marscherwald: D'Strooss ass stabiliséiert a fir de Rescht muss eng Ausschreiwung gemaach ginn.

Réfection de la voirie « rue de la Forêt » à Scheidgen: Dee Projet ass ofgeschloss.

Réfection du chemin dit « op der Staebach » à Scheidgen: Devisé sinn am Gaangen ugefrot ze ginn, Realisatioun 2020.

Réaménagement du cimetière à Consdorf: Den Dach vun der Morgue geet erneiert (do existéiere schonns Devisen). De Reamenagement vum Kierfecht ass a Planung.

Mise en conformité du système détecteur d'incendie: Am Centre polyvalent Kuerzwénkel sinn Aarbechten am gaangen. Duerno ginn Aarbechten an der Sportshal gemaach (Allerhellgevakanz).

Renouvellement de la canalisation et du réseau de chauffage urbain dans la rue de Müllerthal, la rue Burgkapp, la rue de la Mairie et la route de Luxembourg: D'Aarbechte gi plangméisseg virun. Ausgangs November sollen Aarbechten an der Lëtzebuurgerstrooss ufänken.

Réfection du mur de soutènement ouest au cimetière de Breidweiler: D'Mauer um Kierfecht kann elo a Stand gesat ginn. D'Aarbechte si virgesi fir am Fréijoer 2020.

Restitution de la franchissabilité biologique du barrage « Reilandermillen »: De Projet vum Waasserwirtschaftsamt gëtt vum 15.08 bis 30.11.19 realiséiert, laut der Geneemegung vum Ëmweltministère vum 19.06.19.

Modernisation de la centrale de chauffage urbain: Et mussen nach e puer technesch Detailer gekläert ginn.

Remarques du conseiller Arlé lors de la séance du 19/11/2019 / Bemerkungen von Rat Arlé während der Sitzung am 19.11.2019: De Conseiller proposéiert, dass de Responsabele vum Service technique 2 mol am Joer während offiziellen Aarbechtssätzungen de Suivi vun de verschiddene Projete sollt virdroen.

7. Aus Sécherheetsgrënn, géif ech et begréissen e Video-Parlophone an d'Maison Relais ze installéieren. Wat hält de Schäfferot vun dëser Iddi?

© Schäfferot:

Et ass een héije finanziellen Opwand fir elo eng nei Installatioun anzubauen. Duerfir ass et fir de Schäfferot am Moment keng Prioritéit Video-Parlophonen ze installéieren.

Remarques du conseiller Bermes lors de la séance du 19/11/2019 / Bemerkungen von Rat Bermes während der Sitzung am 19.11.2019: Dem Conseiller no ass d'Installatioun vun enger Videoiwwerwaachung wichteg a géif och bestëmmt net sou vill kaschten.

8. Ginn an Zukunft Opluetstatioune fir E-Autoen, resp. E-Biken installéiert?

© Schäfferot:

Virgesinn ass eng Chargy-Statioun bei der Gemeng um Parking, déi mam aktuelle Chantier installéiert gëtt. Eng zweet Statioun ass um Camping geplangt, wann d'Virplaz amenagéiert gëtt.

Remarques du conseiller Arlé lors de la séance du 19/11/2019 / Bemerkungen von Rat Arlé während der Sitzung am 19.11.2019: De Conseiller géif et begréissen, eng oder zwou Statioune fir E-Biken, wou ee 5 oder 6 Vëlloe kann oplueden, déi dann och duerch Bigele geséichert sinn, zu Konsdref z'installéieren.

9. Wéi ass de Stand am ale Paschtoueschhaus? Wéini sinn d'Sozialwunnenge fäerdeg?

© Schäfferot:

Den Architekt dee schonns am Joer 2017 Pläng vum Haus erstallt huet, ass beoptraagt di gefrotten Ännerungen, di néideg si fir ze verlounen, virzehuelen.

10. Si méi Sozialwunnenge geplangt?

© Schäfferot:

D'Gemeng huet am Moment keng weider Wunnenge fir sozial Wunnengen anzeriichten.

11. Wier de Schäfferot bereet an Zukunft, bei neie Residencen, de soziale Wunnengsbau ze fërderen? Z.B. dass op mannst eng Wunneng virgesinn ass als Sozialwunneng.

© Schäfferot:

Am Omnibusgesetz vum 3. Mäerz 2017 si Bestëmmunge festgeluecht fir de soziale Wunnengsbau a neie Baugebidder (PAP) ze fërderen. De Schäfferot ënnerstëtzt natierlech de soziale Wunnengsbau.

Le conseiller Marco Bermes a introduit les questions suivantes au moins 3 jours avant la séance du conseil communal. Le collège des bourgmestre et échevins présente ci-dessous ses réponses par écrit. / Rat Marco Bermes stellte mindestens 3 Tage vor der Sitzung des Gemeinderats folgende Fragen. Das Schöffenkollégium formulierte nachfolgend schriftlich seine Antworten:

1. Dat alt Paschtoueschhaus bäi der Schoul steet elo schonns 2 Joer eidel. Wat sinn d'Projeten déi de Schäfferot mat deem Gebai huet? Gëtt do eng Sozialwunneng geschaaft, wou de Ministère bekanntlech 75% virgesäit?

Gemengen- a Schäfferot

° Schäfferot:

D'Fro ass schonns bei der Fro Nr.9, am Conseil vum 08.10.19 vum Arlé David beäntwert ginn: Den Architekt dee schonns am Joer 2017 Pläng vum Haus erstellt huet, ass beoptraagt di gefroten Ännerungen, di néideg si fir ze verlounen, virzehuelen.

2. Nodeems mir hei e Vote fir déi lechternacher Regional-Museksschoul geholl hunn, well ech vun lech wëssen op do elo eng Konventioun ënnerschriwwen ginn ass? Gëtt de Projet mat den UGDA Coursen elo fale gelooss?

° Schäfferot:

Di Konventioun ass geholl ginn 2018 a verlängert sech wa keen se kënnegt. Et ginn elo keng Coursë vun der UGDA gehalen.

3. Wéi steet et mam Règlement d'Ordre Interieur (ROI), dat sollt un den Inneministère geschéckt ginn? Ass dat gemaach ginn an hu mir als Gemeng do schonns eng Äntwert kritt?

° Schäfferot:

D'Deliberatioun vum Règlement d'Ordre Intérieur ass de 17. Juli 2019 op de Ministère de l'Intérieur geschéckt ginn an ass den 2. August 2019 approvéiert ginn.

4. Well besonnesch zu lechternach den Accès bei der Post beschwéierlech ass, hu mech d'Bierger gefrot wéi et mat enger Poststatioun (Point Post) zu Konsdref steet. Dat nämmlecht gëtt gefrot fir e Bancomat. Wat ass do bis elo ënnerholl ginn? Gett et Kontakter mat der Post a verschiddene Banken?

° Schäfferot:

Dat ass d'Decisioun vun der Post eng Statioun an en Duerf ze maachen.

Enn 2017 hat d'Buergermeeschtesch direkt op e puer Banken nogefrot fir e Bancomat an eis Gemeng ze kréien. Leider si Banken net drun interesséiert.

Remarques du conseiller Bermes lors de la séance du 19/11/2019 / Bemerkungen von Rat Bermes während der Sitzung am 19.11.2019: De Conseiller freet op de Kontakt mat der Post opgeholl ginn ass?

° Schäfferot: *Mir hu bei 5 Banken a bei der Post nogefrot. Et kéint een eventuell de mobile Guichet (Bus) vun der Spuerkeess froen.*

5. Nodeems de Minister vum Tourismus op de Camping komm ass fir déi Investissementer ze gesinn, stellt sech d'Fro op de Schäfferot Projeten huet fir den Touristen, déi bäi eis kommen, hiren Openthalt nach méi attraktiv ze maachen?

° Schäfferot:

Touriste fanne bei eis Rou, Wanderweeër, Vëlospisten, e Camping a Restaurante fir bei eis hir Vakanz ze verbréngen.

Mir ënnerstëtze weiderhin de Syndicat d'Initiative bei de Renovatiounsaarbechten um Camping fir Touristen an eis Gemeng ze kréien oder ze behalen.

Am Naturpark Mëllerdall gëtt vill fir den Tourismus gemaach, deen och vun eiser Gemeng ënnerstëtzt gëtt.

Remarques du conseiller Bermes lors de la séance du 19/11/2019 / Bemerkungen von Rat Bermes während der Sitzung am 19.11.2019: De Conseiller vermësst ee Projet Phare vun der Gemeng fir den Tourismus zu Konsdref.

6. Nodeems am leschte Gemengebuet vill Reklamm fir den Naturpark gemaach ginn ass, wat u sech eng gutt Iddi ass, wëll ech wëssen op de Schäfferot sech Gedanke gemaach huet fir an eiser Gemeng e visuelle Projet, e sougenannte Projet Phare, ze realiséieren? Aner Gemengen aus dem Mëllerdall hunn dat gemaach fir sech vun hirer beschter Säit kënnen ze weisen.

° Schäfferot:

Hei e puer Projeten di mam Naturpark Mëllerdall zesumme realiséiert ginn:

- Grénganlagen a Blummewisen
- Quellen Renaturatioun
- Moukenzonk op der Millen
- Projet ZENAPA
- Energiekooperativ Mëllerdall
- Wandpark Mëllerdall
- Renaturéierung vu Weieren um Flouer vir ënnert anerem de Kammolch unzesidelen
- Bongerten (schneiden/fleegen an nei Uplanze vun Uebstbeem)
- Heckenkadaster
- Dréchemauern

Remarques du conseiller Bermes lors de la séance du 19/11/2019 / Bemerkungen von Rat Bermes während der Sitzung am 19.11.2019: Och hei vermësst de Conseiller ee spezielle Projet am Naturpark, wéi z.B. eng pedagogesch Spillplaz, oder ee Musée oder soss ee pedagogesche Projet an der Maison Lauer.

7. Am leschte Gemengerot ass iwwert den Accès an d'rue Hiehl hei zu Konsdref debattéiert ginn an e Vott geholl ginn. Wéi geet deen Dossier do virun? Am Moment stinn elo guer keng Schëlter do. Ass dru geduecht gi fir de Verkéier fir Vëloen zu 2 Säiten ze erlaben?

° Schäfferot:

Dat Règlement wat am Gemengerot gestëmmt ginn ass war geholl gi fir d'Zäit vum 29.06. bis 26.07.19. Et ass kee neit Règlement geholl ginn.

Fir datt déi Net-Ortskundeg net duerch rue Hiehl fuere sondern iwwert Lëtzebuurgerstrooss si beim Agang an Ausgang vun der rue Hiehl Deviatounsschëlter opgestallt ginn.

Et ass net néideg an enger normaler Strooss fir Schëlter opzestelle fir datt Vëloen 2 Säiten dierfe fueren.

8. Zu Präiteler op der Hicht ass de Lotissement elo bal ganz verbaut. Do ass och eng Plaz virgesi fir eng Spillplaz. Wéini gedenkt de Schäfferot déi Spillplaz do oprichten ze loossen?

Gemengen- a Schäfferot

° Schäfferot:

Den Terrain fir d'Spillplaz ass de Moment wéinst engem private Bauprojet nach net fräi.

9. Betrëfft Klimapakt Energie well ech wëssen op Projeten mat Biergerbedeelegung geplant sinn? An anere Gemenge konnten d'Bierger sech zum Beispill un enger Wandmillen oder hei zu Konsdref Photovoltaik um Kuerzwinkel bedeelegen? Aus deem Kontext: Wéi steet et mat dem Projet Soler wou eis Gemeng sech jo bedeelegt? Wat gëtt et do Neits, gëtt et soss nach Projeten?

° Schäfferot:

De 24.10.19 war eng Biergersammlung mat der Firma Soler S.A. am Kuerzwinkel fir all interesséiert Bierger.

D'Firma Soler huet de Projet Wandmillen Naturpark Mëllerdall virgestallt an op d'Froe vun de Bierger reagiert.

Een neie Projet ass am Kader vum ZENAPA geplant an och schonn duerch de Gemengerot approvéiert. (Décision de principe quant à l'élaboration d'un concept d'optimisation thermique)

10. D'Bierger vu Kolwent begréissen d'Installatioun vun engem Radar an der Entrée vum Duerf. Leider gëtt nach ëmmer ze séier do gefuer. Wat gedenkt de Schäfferot do kuerzfristeg „à court terme“ ze ënnerhuelen, fir dat näischt geschitt? An deem Zesammenhang well ech drop hiweisen, datt d'Entrée vun der Uertschaft, besonnesch de Fousswee op de Busarrêt, leider an engem desolaten Zoustand ass. Wat well de Schäfferot do ënnerhuele fir déi Situatioun ze verbesseren?

° Schäfferot:

Wann ze séier gefuer gëtt, solle Bierger sech un d'Police wende fir Verkéierskontrollen ze maachen.

De Fousswee op de Busarrêt ass net an engem desolaten Zoustand. Geplant ginn ass dës Fousswee vum viregte Schäfferot zesumme mat der Ponts & Chaussée. Et handelt sech ëm en Trottoir dee mat Kräsi gefëllt ass aus ökologesche Grënn. Datt do Onkraut drop wiest ass ganz normal.

11. De Problem mat der Geschwindegkeet besteet och op der Präiteler Hicht wou eng Zone 30 ass. Et gëtt vill ze séier do gefuer an d'Bierger sinn onzufrieden, beonrouegt a fäerten datt Kanner kënnen ugestouss ginn. Wat gedenkt de Schäfferot do kuerzfristeg „à court terme“ ze ënnerhuelen datt näischt geschitt? D'Installatioun vun engem Bushaische beim Arrêt vum Schoulbus op der Präiteler Hicht wier wichteg an néideg, dass d'Kanner sech do beim schlechtem Wieder kéinten ënnerdaach stellen, dës misst och kéinte kuerzfristeg realiséiert ginn, wat ass do geplant?

° Schäfferot:

Och hei ass et sënnvoll sech un d'Police ze wenden.

Op dëser Plaz ass keen ëffentlechen Terrain zur Verfügung fir e Bushaischen opzerrichten.

Remarques du conseiller Bermes lors de la séance du 19/11/2019 / Bemerkungen von Rat Bermes während der Sitzung am 19.11.2019: De Conseiller betount, dass en sech Suergen em d'Sécherheet vun de Bierger an haaptsächlech de Kanner mécht.

Remarque David Arlé: „Do ass jo awer keen Duerchgangsverkéier. Et sinn haaptsächlech déi di do wunnen déi ze schnell fueren a sou eng Gefor duerstellen.“

Remarque Marco Bermes: „Do muss eppes fir d'Berouegung vum Verkéier ënnerholl ginn, wann do ee Kand iwwerrannt gëtt. Et kéint ee mat bësse ganz vill maachen.“

Remarque Alain Fil: „Soulaang di lokal Leit mam Trakter sou fueren, brauche mer eis net ze wonneren, dass d'Bierger et nammlecht maachen.“

12. Wéi steet et mat dem Zeechnen an der Zone 30 ënner anerem zu Präiteler, vun den Zebrastreifen, an am Allgemenge mam Zeechnen an der Gemeng, dës wat jo esou wichteg fir d'Sécherheet ass? Wéini gëtt do eppes ënnerholl?

° Schäfferot:

An enger 30er Zon sinn Zebrastreifen net obligatoresch. Dës gëllt fir all 30er Zon an der ganzer Gemeng.

13. Et besteet eng Nofro vun ëffentlechen Toiletten am Zentrum vu Konsdref. Ass do eppes vum Schäfferot geplant?

° Schäfferot:

Dës Fro ass am Gemengerot vum 06.06.19 beäntwert ginn:

Michel Majerus: Propositioun vun engem Projet fir ëffentlech Toiletten op der Gare (Gruppe vu Kanner, Touristen a Wanderer) Propositioun fir de Budget 2020.

° Schäfferot:

Toilette sinn eventuell virgesinn op der neier Duerfplaz a beim Émbau vum Reechenhaischen.

Bestoend ëffentlech Toiletten ginn et schonns um Camping la Pinède an op der Konsdreffermillen. Et sinn an noer Zukunft keng Toiletten op der Gare geplant.

Remarques du conseiller Bermes lors de la séance du 19/11/2019 / Bemerkungen von Rat Bermes während der Sitzung am 19.11.2019: De Conseiller wier frou wann een eng ëffentlech Toilette am Zentrum kéint virgesinn, z. B. am Konzept mat der Maison Lauer.

14. D'Schoul gëtt elo un d'Fernwärme-Heizung ugeschloss. Wéi steet et mat dem Zoustand vun der Holzackschnitz-Anlag? Mir hate jo elo kierzlech de Supplement fir d'Mise à jour am Gemengerot gestëmmt. Wat ass do de leschte Stand?

° Schäfferot:

D'Planung ass en Cours. De Projet gëtt am Fréijoer 2020 ëmgesat.

15. Wéi steet et mat de verschiddene PAG'en an de geplangte Lotissementer rue de Berdorf, route d'Echternach a rue Buurgkapp. Wou sinn déi Dossieren drun?

Gemengen- a Schäfferot

® Schäfferot:

PAP rte de Berdorf II (Maison LuxEchafaudage)

Den 29.10.19 gëtt d'Konventioun ënnerschriwwen. Di dann am nächste Gemengerot gestëmmt soll ginn.

PAP rte de Berdorf I (rte d'Echternach): Avant-Projet ass virgestallt ginn awer et ass nach kee konkrete Projet agereecht ginn.

PAP rue Burgkapp: Avant-Projet ass virgestallt ginn awer et ass nach kee konkrete Projet agereecht ginn.

16. Wéi ass et mat der Suggestioun vun engem Bierger aus der Iddiskëscht iwwert de Multisport bei der Schoul a vis-à-vis vun der Gemeng? De Projet Multisport, dee~vun de viregte Schäfferéit geplangt, respektiv duerchgefouert gouf, wier vu verschiddene Ministère subventionéiert ginn an hëlleft och der Schoul fir d'Kanner an de Pause besser ze beschäftegen. De Kaméidi war an ass leider e Problem dee schwéier an de Grëff ze kréien ass. Wat ass elo vun der Sait vum Schäfferot geplangt? Ass en Deplacement vum Multisport aus dem direkte Wunnegebitt eng Alternativ? Ginn et do soss nach lwwerleeungen déi eis Bierger géifen interesséieren?

® Schäfferot:

De Multisport bei der Schoul bleift bestoen, well en ass eng Ergänzung zum Schoulhaff während de Schoulstonnen. E gëtt vun de Schoulkanner an de Pausen a vun der Maison Relais an der Mëttesstonn benotzt. E steet och de Kanner aus der Gemeng bis 16.00 resp. 17.00 Auer zur Verfügung soulaang keng aner Léisung do ass.

Geplangt ass en neie Multisport beim Kuerzwénkel fir 2020. Mir hunn dem Bierger op seng Fro iwwert d'Iddiskëscht eng Äntwert geschriwwen.

17. En aktuellt Thema ass de Moment d'Reorganisatioun vun den RGTR Busser, eng Reorganisatioun déi jo soll 2020 ëmgesat ginn. Huet de Schäfferot schonns eppes bäi de responsablen Instanzen ënnerholl? Wat gedenkt de Schäfferot an der Fro vun der Mobilitéit ze maache fir den ëffentlechen Transport an der Gemeng ze verbesseren, a virun allem an den Dierfer, wou d'Ubannen un déi zentral Reseauen, wéi Jonglënster, bäi den Zoubrénger-Déngschter nach bedeitend Defiziter opweist.

An deem Kontext stellen ech d'Fro op de Schäfferot sech Gedanke gemaach huet op e Ruffbus, wéi en zu Mamer fonctionnéiert, kéint fir d'Gemeng an d'Regioun Mëllerdall eng Alternativ sinn?

® Schäfferot:

D'Administratioun, op d'Reflexiounen vun engem Conseiller, dem Schäfferot an dem Personal vun der Gemeng, hien huet een Avis ausgeschafft, dee mir un de Ministère geschéckt hunn am Interêt vun de Bierger.

E Ruffbus ass momentan aus verschiddene Grënn net ze realiséieren.

Remarques du conseiller Arlé lors de la séance du 19/11/2019 / Bemerkungen von Rat Arlé während der Sitzung am 19.11.2019:

De Conseiller mécht drop opmierksam, dass Ruffbussen an noer Zukunft an de ländleche Gemengen agesat ginn. De Ministère kënnt op d'Gemengen zou am Fréijoer, fir den RGTR Reseau ze komplettéieren. Verschidde Leit, déi aus gesondheetleche Grënn net mobil sinn, kéinten den Adapto Service froen.

18. Geforepunkt Präiteler Bréck: mat der provisoirescher Bréck liewe mer schonns zimmlech laang an et geschéien op der Plaz ëmmer nees Accidenter well déi Kräizung oniwwersichtlech ass. Huet de Schäfferot eppes bäi den zoustännegen Instanzen ënnerholl fir datt den Dossier viru geet?

® Schäfferot:

Wéi de Chantier viru geet, läit an der Kompetenz vun der Ponts et Chaussées.

Le conseiller Marco Bermes a introduit les questions suivantes au moins 3 jours avant la séance du conseil communal du 19 novembre 2019. Le collège des bourgmestre et échevins présente ci-dessous ses réponses lors de la séance du 19 novembre 2019 / Rat Marco Bermes stellte mindestens 3 Tage vor der Gemeinderatssitzung vom 19. November 2019 folgende Fragen. Das Schöffenkollégium hat seine Antworten schriftlich in der Sitzung vom 19. November 2019 formuliert:

Le collège des bourgmestre et échevins précise que les questions remises sont reprises telles qu'elles ont été introduites. / Das Schöffenkollégium macht darauf aufmerksam, dass die Fragen so übernommen wurden wie sie eingereicht wurden.

„Hei wiere méng Froen un de Schäfferot fir de Gemengerot den 19ten November 2019:

1. D'Mme Buergermeeschter huet bei der Geleeënheet vun der Ouverture vun der Neier Buvette vum SIT-Camping, a Präsenz vun engem Minister, gesot et géif elo endlech eppes geschéien, de Minister wier elo schonns fir déi 2te Kéier an der Gemeng bannent kuerzer Zäit, well et wier elo jorelaang näischt an der Gemeng geschitt. De leschten Deel vun der Ausso vun der Mme Buergermeeschter kann ech als Member vun dem viregte Schäfferot net esou akzeptéieren, ech si sécher, d'Membere vun deene Schäfferéit vu virdrun och net. Ech stelle fest, datt de jëtzege Schefferot nach net vill ëmgesat huet wat aus senger eegener Fieder kënnt. An elo gëtt vun engem Masterplang geschwat. Kéint de Gemengerot dovun Detailler kréien? Gett oder ass e Bureau d'Etude domat beoptraagt? Wat kascht esou e Masterplang? Ass dovun eppes am nächste Budget virgesinn?

® Schäfferot:

Bei der Inauguratioun vun der neier Buvette vum Syndicat hat ech gesot, dass fir iis Regioun, den Osten, di lest 30 Jar net vill erausgefall wier, an dass ech frou wier, wi d'Aarbechten hei um Camping virukomm sinn. Mir haten e Rendezvous um

Gemengen- a Schäfferot

Ministère du Tourisme gefrot, dee mer ganz schnell mam Här Minister Delles an senge Fonctionnaire kritt hunn.

Mir konnten iis Doleancen virdroen, an iis Projeten presentéieren.

De Maître d'Ouvrage vun deem ganze Projet ass de Syndicat, net d'Gemeng.

De Masterplang, deem ausgeschafft ginn ass, gouf vum Syndicat an Optrag ginn, an net vun der Gemeng. De Masterplang ass dem Schäfferot, mat de Verantwortleche vum Syndicat a vum Här Visser, hei an der Gemeng presentéiert ginn.

Mir als Gemeng wëllen de Syndicat weider finanziell ënnerstëtzen, esou wi de viregte Schäfferot et och gemaach huet. Am Budget 2020 wëlle mir ee Subside fir de Syndicat virgesinn, dee fir d'Erneuerung vum elektresche Reseau um Camping geduecht ass. D'Gemeng wëll fir de Budget 2020 och de Reamenagement vum Parking virum Camping virgesinn, deem d'Gemeng realiséiere wëll.

Ech wëll kloer stellen, dass menger Meenung no, politesch, fir den Osten di lest 30 Jar net genuch gemaach ginn ass, virum allem fir di kleng Dierfer, wou ech eis dozou zielen.

2. Mir hunn bäi eis an der Gemeng e Bureau vum Office Social Régional. Et ass schéin, dat esou e Service ugebuede gëtt, mee ech wëllt vum Schefferot wëssen, wéivill Leit presentéieren sech an deem Bureau a wéivill Leit aus eiser Gemeng profitéiere vun deem Service?

° Schäfferot:

Den Informatiounen vum Office Social no ass et schwéier ze soe wéi vill Leit vun der Konsdrefe Gemeng vun der Permanence profitéieren. D'Permanence gëtt op Ufro Méindes Mëttes gehalen. Am Moment hu mir 29 Clienten, déi an der Konsdrefe Gemeng wunnen. Dat heescht di 29 Menagen kéinten dovunner profitéieren.

Des Efteren brauchen eis Clienten e Rendezvous esou séier wi méiglech a kommen da léiwer op Beefort an den Office Social wi dass si bis Méindes waarde mussen.

3. De Fussballveräin USBC beschwéiert sech, dat eng Rei teschnesch Aarbechten um Kuerzwénkel an op Burgkapp nach ëmmer net gemaach sinn. Ass dat dem Schefferot bekannt? An der Buvette um Kuerzwénkel gëtt et anscheinend Problemer mat dem Elektreschen a bäi den Heemmatcher fonctionnéiert duerfir de Grill net.

° Schäfferot:

Et ass dem Schäfferot net bekannt dass nach Aarbechten um Kuerzwénkel, souwéi um Buurgkapp solle gemaach ginn. Den USBC01 soll Kontakt mat iisem Sekretariat oder mam techneschen Déngscht, wéi et mam Comité vum Veräin ofgemaach war, ophuelen, an da gëtt gemaach wat gemaach muss ginn.

Di Problemer mam Stroum (fir de Grill) sinn eis nach net bekannt.

Discussion des conseillers lors de la séance du 19/11/2019 / Diskussion der Räte während des Gemeinderats vom 19.11.2019: De Conseiller Arlé fënnt

et net an der Rei wat de Fussball sech hei erlaabt an dass d'Gemeng sech un de Fussball sollt wenden fir déi Saach un ze schwätzen. De Conseiller Urbing bedauert, dass Samschdes Moies, wou d'Kanner gespillt hunn, deem Dag no engem Match vum Fussball, d'Tribün zimmlech knaschteg war („Sauerei déi de Mënsch hannerlisst“), an dass do Gemengenaarbechter d'Tribün sollte propper maachen no sou engem Match. De Conseiller Arlé rappelléiert un d'Konventioun wou drasteet, dat de Fussball sech dorëms soll këmmen. De Schäfferot soll ee Rappel op d'Konventioun maachen, dass de Veräin sech ëm d'Propperheet soll këmmen.

4. Wou si mer mat de Busarrëten drun, déi beim Parking Schéissendämpel an um Scheedgen sollen amenagéiert ginn? Firwat ass net dru geduecht ginn, wéi d'Ponts-et-Chaussées elo viru kuerzem d'Strooss um Scheedgen nei gemaach huet, dee geplangten Busarrët direkt mat ze amenagéieren?

° Schäfferot:

D'Busarrête Schéissendämpel, Scheedgen (bei der Kierch) a Präiteler ginn deemnächst ugefaang. D'Aarbechten sollen Ufank 2020 no allen Accorden entaméiert ginn.

Niewebäi krute mer Subsiden fir d'Arrëten Schéissendämpel a Scheedgen (Kierch) vum Ministère du Tourisme accordéiert.

Den Tapis um Scheedgen ass vu Ponts et Chaussées gemaach ginn an déi hunn net drop gewaart, dass déi gréisser Ännerung di um Busarrët gemaach soll ginn, emgesat gëtt. Dat Eent huet mat deem Aneren direkt elo näischt ze dinn.

5. Zu Präiteler sollt en Trottoir bei der Kierch amenagéiert ginn. Wou ass deem Dossier drun?

° Schäfferot:

Den Trottoir zu Präiteler soll am Kader vum neie Busarrët bis bei t'Kierch matgemaach ginn.

6. Bei dem Chantier (Renouvellement de la canalisation et du réseau de chauffage urbain dans la rue du Mullerthal, rue Burgapp, rue de la Mairie et route de Luxembourg) wëllt ech wëssen, wéivill Sue bis elo verschafft gi sinn a wéi déi aktuell finanziell Situatioun vun deem Dossier ass, nodeems zousätzlech zou deene 300.989,26€ déi am Budget rectificé 2018 rescht bliwwen sinn, nach weider 2.000.000€ am Budget 2019 gestëmmt gi waren. Wou sti mir mat den Subsiden vun deene verschiddene Ministère an der Part déi de Promoteur vun A Wonesch soll bäidroen? Wat ass am Budget 2020 vir dee Projet virgesinn?

° Schäfferot:

Et si bis ewell ongeféier 1,25 Milliounen Euro fir 2019 ob dem Projet verschafft ginn.

Den Engagement vum Staat fir de ganze Projet beleeft sech op 328.000€, déi 2020 budgetiséiert ginn.

Cialux huet am Februar 2014 eng Konventioun mat der Gemeng ënnerschriwwen, an där si sech engagéieren d'Reewaasser z'evakuéieren. Dee Volet gëtt bei der Fäerdegstellung, viraussichtlech 2020 verrechent.

Gemengen- a Schäfferot

Fir 2020 gëtt de Budget gestëmmt, wou dann och de Montant fir dat Joer presentéiert gëtt.

7. Wéi steet et mat de Subsiden 2019 fir d'Veräiner? Wat ass virgesi par Rapport zu 2018? Wéi ass et mat deem neie Verdeelerschlüssel? Wéi sinn déi Critèren, déi ausgeschafft gi sinn? Sinn déi realistesch a korrekt géintiwwer de verschiddenen Aktivitéiten vun eise Veräiner? Kann een d'Aktivitéiten, op sportlech, kulturell oder sozial, all an een Dëppe geheien? Ech well wëssen wéi en Impakt huet deem neie Verdeelerschlüssel op d'Finanzen vun eise Veräiner? Kréie Veräiner manner Subside wéi 2018 a firwat?

° Schäfferot:

De Schäfferot huet d'Subside gerechent a muss sech nach weider dozou beroden.

Iwwer d'Subsiden gëtt nach an der nächster Aarbechtssitzung mat iise Conseilleren geschwat.

D'Commissioun kucke sech d'Dossieren och un, fir een Avis, respektiv eng Propose ze maachen.

Discussion des conseillers lors de la séance du 19/11/2019 / Diskussion der Räte während des Gemeinderats vom 19.11.2019:

De Conseil diskutéiert iwwer den Dossier vun de Subsiden an hält fest, dass dëst Joer d'Subsiden eenzel sollen duerch de Vott goen.

8. De Wee an de Marscherwald degradéiert ëmmer méi. Fir d'Stabilisatioun vun deem Wee war e Budget vun 180.000€ gestëmmt ginn. Firwat ass de Chantier nach net ugefaangen a wéini ass virgesinn domat unzefänken?

° Schäfferot:

D'Refektioon vun der Strooss fir an de Marscherwald, wou et néideg war, ass 2018 gemaach ginn. Laut dem Service technique ass de Reamenagement vum Rescht vum Wee momentan net noutwenneg. Wann dat eng Kéier de Fall sollt sinn, gëtt reagiert.

Remarques du conseiller Bermes lors de la séance du 19/11/2019 / Bemerkungen von Rat Bermes während der Sitzung am 19.11.2019:

De Conseiller Bermes fäert, dass d'Strooss do géif afalen, wann näischt ënnerholl gëtt.

9. Wéini ginn d'Beem laanscht d'Stroossen an der Gemeng geschnidden? Mat deem ville Wand an der Gefor dat Äscht eroffalen, wier et eng absolut Prioritéit fir do eppes ze ënnerhuelen. Wat gedenkt de Schäfferot ze maachen fir d'Sécherheet vun de Leit?

° Schäfferot:

Wéi eng Beem genau gemengt sinn, misst an der Fro präziséiert ginn. Falls wierklech punktuell Geforen bestinn, muss natierlech reagiert ginn. Wéi ëmmer sollen och déi Informatiounen am Beschten un d'Sekretariat oder de Service technique kommunizéiert ginn.

10. Bei der Seniorenfeier 2018, déi vun der Gemeng organiséiert gouf an déi wéi all Joer e grouse Succès woer, hunn d'Senioren, anescht wéi all Joere virdrun, kee Cadeau kritt. Firwat ass mat der Traditioun opgehale ginn a wat ass fir dëst Joer 2019 virgesinn?

° Schäfferot:

Duerch d'Participatioun vu bis zu 130 Persounen, déi ee ganze Menu zerwéiert kréien, wou an der Vergaangenheet just Schnittercher zerwéiert gi sinn, war et Decisioun vum Schäfferot kee Cadeau (am Wäert vun deemools +-15€) méi ze maachen.

Op aner Seniore Feieren mussen d'Leit e Beitrag bezuelen fir deel kënnen ze huelen, wat hei net de Fall ass.

D'Leit haten et iwweregens och op der Party begréisst fir keng Cadeauen ze kréien wéint de Käschten déi op d'Allgemengheet zeréckfalen.

Remarques du conseiller Bermes lors de la séance du 19/11/2019 / Bemerkungen von Rat Bermes während der Sitzung am 19.11.2019:

De Conseiller Bermes betount, dass d'Leit gefrot hätten op et 2018 keng Cadeauen méi géife ginn. Hie stellt och kloer, dass ënnert dem fréiere Schäfferot och schonn ee Menü zerwéiert ginn ass a net just Schnittercher.

**Fin de la séance à 11:06 heures /
Ende der Sitzung 11:06 Uhr**